



# Ambulanz Wonsch

*Lescht Erënnerungen schafen*

## Eis Missioun

**Ambulanz Wonsch huet sech et zur Aufgab gemaach, Mënschen, di um Enn vun hirem Liewe betreit musse ginn a bettlägerech sinn, d'Mëttel, de Spezialtransport an d'medezinesch Versuergung zur Verfügung stellen, déi se brauche fir Erënnerungen ze schafen an hire leschte Wonsch z'erfëllen.**

## Wat wäert geschéien?

De Patient decidéiert iwwert den Dag. Mir komme mat enger spezieller Ambulanz a qualifiziertem medezinesche Personal (een Ambulancier an eng Infirmière), fir de Patient während sengem Wonsch ze begleeden.

Ausserdeem kenne sech zwou weider Persounen dem Patient an der Ambulanz uschlëssen. Anerer kenne mat hiren eegenen Transportmëttel kommen, fir sech dem Wonsch unzeschlëssen.

D'Ambulanz sinn besonnesch confortabel agericht, mat enger mëller Matrass, Këssen an enger Decken. Se hu verdonkelt Fënsteren, esou dass een erauskucke kann, an d'Aussicht genësse kann, awer net gesi gëtt.

## Hutt Dir e Wonsch?

Eist Zil ass et, dat Onméiglecht méiglech ze maachen, an deems mir d'Mëttel bereetstellen, fir e Wonsch, egal wéi einfach oder komplex, z'erfëllen. Vum éischte Kontakt u këmmere mir eis em all Aspekt vum Wonsch.

Mir freeën eis iwwer grouss a kleng Wënsch vu jidderengem, ob Erwuessenen oder Kand. Quasi alles ass méiglech, an de Service ass gratis.

Wann dir eise Service wëllt an Usproch huelen, oder ee kennt, deen e leschte Wonsch huet, da féllt wannechgelift eisen Untragsformular op der Website aus, a mir wäerten lech esou schnell wéi méiglech kontaktéieren.

[www.ambulanzwonsch.lu](http://www.ambulanzwonsch.lu)



## Ambulanz Wonsch Lëtzebuerg

Mir sinn d'Ambulanz Wonsch ASBL. Hanner dësem Numm stécht d'Iddi, mat Hëllef vu Fräiwëllegen an onsen eegenen Ambulanzen di läscht Wënsch vun onheelbar kranke Patienten z'erfëllen.

Et gëtt ëmmer nach ze vill Patienten, di stierwen, ouni dass si an dëser leschter Phase vun hirem Liewen nach eppes Schéines maache konnten. Eng vun den Ursaachen ass d'Onméiglechkeet, bestëmmte Wënsch ze verwierklechen, well de Patient net méi mobil ass, an aner existent Méiglechkeeten net duer ginn.

Ambulanz Wonsch erméiglecht et Mënschen, di palliativmedezinesch betreit ginn oder onheelbar krank a bettlägerech sinn, e leschte Wonsch z'erfëllen, andeems si eng Platz besichen, di fir si perséinlech vu Bedeitung ass, z.B. den eegene Gaart

bewonneren, deen ee bedeutungsvollen Uert erëmgessinn, oder vun hire Léiwen an Hausdéieren ëmginn ze sinn. Et si meeschtens di kleng Saachen, di engem Mënsch um Enn vu sengem Liewen am meeschte bedeuten. Saachen, di soss onerreechbar wieren.

Medezinesch geschoult Fräiwëlleger a speziell Transportmëttel suergen dofir, dass dees läscht Dreem ouni Käschte fir de Patient oder seng Famill wouer ginn. Dëse Service ass vollstänneg iwwer Spende finanzéiert, a gëtt vu medezinesch geschoultem Personal aus dem Gesondheetswiesen éierenamtlech ugebueden.

## Wéi et ugaangen ass

D'Initiativ Ambulanz Wonsch baséiert op engem nidderlännesche Modell – der *Stichting Ambulance Wens*. Viru fofzëng Joer, wéi sech den Transport vun engem Patient mam Numm Mario Stefanutto verzögert huet, huet de Kees Veldboer (deemools Ambulancier an Holland) gefrot, ob en iergendwou hifuer wéilt.

De Séimann an der Pensioun huet gesot, en géif den Hafe vu Vlaardingen gären nach emol gesinn. De Kees huet net laang iwwerluecht, an de Mario bei den Hafe gefouert.

Während dem Fueren huet de Kees de Mario gefrot, op deen nach eng Kéier seegele wéilt. De Mario sot, dass dat net méiglech wier, wéll en lo eng Brëtsch géif brauchen. Mee de Kees war fest entschloss, dem Mario dee leschte Wonsch z'erfëllen, an dat huet en och gemaach.

Dem Mario seng Wieder: *„Ët erfëllt mech mat Freed, ze wëssen, datt et nach Mënsche gëtt, déi sech em anerer këmmere. No deem, wat ech erlieft hunn, hat dëse Geste, d'Erfëllung vu mengem Wonsch, e groussen Afloss op mech.“*

Wéi en de Wonsch erfëllt huet, an dat grousst Gléck um Mario sengem Gesicht gesinn huet, huet de Kees erkannt, wéi wichteg et ass, e leschte Wonsch z'erfëllen. Net nëmme fir d'Persoun selwer, mee och fir hir Familien, Frënn an d'medezinescht Personal. An deem Moment gouf d'Missioun gebuer, an de Kees huet decidéiert, eng Stëftung ze grënnen, d'*Stichting Ambulance Wens Nederland*.

# Erënnerungen schafen Dem Yvette säi Wonsch



Ech stellen Iech d'Yvette fir, eng schéin an intelligent Fra ëm déi 40, Mamm vu 4 Kanner, déi hire Beruff an hirt Liewen gär huet. Staark a kämpferesch gëtt si dem Kriibs Meeschter, zumindest hu mir dat geduecht. Si ass glëcklech zréck op d'Arbescht an zréck an hirt Liewe gaangen, mee staarke Kappwéi huet dozou gefouert, datt si ërem bei den Dokter gaangen ass. **Diagnos: Gehiirtumor. Prognos: Nëmmen nach e puer Wochen.**

Während jidderengem d'Wieder gefeelt hunn, ass d'Yvette stark bliwwen, an huet akzeptéiert, dass si misst lassloossen. Hir Kollegen hu sech mat „Ambulance Wens Nederland“ a Verbindung gesat, an hunn fir d'Erfëllung vum leschte Wonsch vum Yvette gefrot.

Wéi si dovun héiren huet, datt d'Organisatioun vun hierem Wonsch vun „Ambulance Wens Nerderlands“ gemaach géif ginn, war si am Ufank rosen.

**Dono huet si erkläert: „Obwuel ech geduecht hunn, ech kéint et aleng packen, konnt ech den Dag dank dem Ambulanzteam wierklech genéissen. Dat wa alles, wat ech gebraucht hunn.“**

Eng leschte Kéier ass si an déi Stad gefuer, an där si op d'Welt komm ass. Si huet hir al Schoul besicht, de Café, an deem si als Kand ëmmer gaangen ass. Si huet d'Haus vun hiren Eltere besicht, a konnt sech bei hire Léiwen ausrouen, einfach doheim sinn, Duechter sinn, op der Fotell

léien, de Mupp heemelen. En Ament Normalitéit an Trouscht an der begrenzter Zäit, déi hier nach bliwwen ass.

Well si fréier Dänzerin war, ass et ausserdeem an den Theater gaangen, an dem si fréier gedantz huet. Do huet si, während si op der Brëtsch louch, de leschten Danz mat hirem eemolegen Danzproff gedantz – mat engem breede Laachen um Gesicht.

Wéi d'Karen van Hout dat Laachen op hirem Gesiicht gesinn huet, déi Freed, déi si emfonnt huet, déi Léift, déi si ëmginn huet, ass hir d'Auswierkung vun „Ambulance Wens Nederland“ bewosst ginn. De Pouvoir, de leschte Wonsch vu Mënschen z'erfëllen, hinnen eng leschte Kéier e schéinen Dag ze schenken. Deeg wéi déi sinn e wëllkommene Liichtbléck an der schwéierer Zäit, déi si duerchmaache mussen. Déi Deeg sinn voller wonnerbarer Erliednesser a schéinen, onvergesslechen Erënnerungen. Nodeems mir dësen Zauber erlieft hunn, an elo wëssen, dass et méiglech ass eppes dat onméiglech schéngt z'erfëllen, an ons der Auswierkung fir de Patient an seng Famill bewosst sinn, freeën mir eis, dëst häerzlecht a wueltätegt Wierk och zu Lëtzebuerg wëllkomm ze heeschen.

Karen van Hout  
Grënner Ambulanz Wonsch Lëtzebuerg

## Eng Spend maachen

**Eist Zil ass et, eise Déngschtleschtungshueler d'Méiglechkeet ze ginn, hire leschte Wonsch ze äusseren, andeems mir hinnen e Spezialtransport an eng ugemoossen Ënnerstëtzung ubidden. D'Wënsch kënnen ganz einfach sinn: e leschte Besuch doheem, Zäit mat Frënn verbréngen, e Musée oder en aneren Uert vu perséinlecher Bedeitung besichen.**

## Wëllt Dir e Fräiwëllege ginn?

Mir sinn ëmmer op der Sich no Fräiwëllegen. Mir sichen Infirmiëren an Infirmieren, Sanitäter, Dokteren, Berufsschaufferen, Fotografen, Filmecher, Spendesammler, Fräiwëlleger am Büro, Iwwersetzer a Villes méi.

Zesumme mat erfuerene Fräiwëllegen an extra adaptéierten Ambulanzen erfëlle mir d'Wënsch vun deenen, déi duerfir Ënnerstëtzung brauchen.

D'Wënsch kennen vun engem Openenthalt dobaussen iwver Besich bei Familljemembere bis hinn zum Besuch vun der léifster Sportsequipp goen – alles ass méiglech.

Fir dëst z'erméiglechen, si mir op Fräiwëlleger ugewisen. Kënnst Dir lech puer Deeg am Mount engagéieren?

## E Wonsch spenden

All d'Ambulanz Wënsch si **GRATIS**. D'Ambulanz Wonsch kann dat awer net ouni d'Spenden vu ville generéise Mënsche, Veräiner an Betriber maachen.

**Wëllt dir een oder méi Wënsch wouer gi loossen?**

**Iwwerweist Är Spent op de Kont vun der Ambulanz Wonsch ASBL.**

**IBAN:**  
LU08 0030 3594 0251 0000  
**BIC-Code:** BGLLLULL  
z.Hd. Ambulanz Wonsch  
oder Payconiq





## Ambulanz Wonsch Asbl

31, rue Principale  
L-8805 Rambrouch, Lëtzebuerg  
T.: +352 691 644 150 (8.30-17.00)  
info@ambulanzwonsch.lu  
www.ambulanzwonsch.lu



Suivéiert eis op

